

Agrarsommet zu Lëtzebuerg: d'Stëmm vun de Jonken héieren

Net nëmmen zu Senneng steet des Woch am Kader vum Agrarsommet alles am Zeeche vun der Lëtzebuenger Landwirtschaftspolitik. Och mir vu move., déi Jonk am Mouvement écologique, hunn eis an de leschte Wochen vill mat dem Thema befaasst.

Ënnert anerem ware mir leschte Weekend op en Neits zu Berlin op der Demo „Wir haben es satt“, déi säit 2011 all Joers zéngtausende Leit op d'Stroosse vu Berlin zitt, fir fir eng nohalteg Landwirtschaftspolitik ze demonstréieren. Zesumme mat engem Bündnis aus iwwer 60 däitschen Déiereschutzverbänn, Ëmwelt- a Naturschutzorganisatiounen, sozialen Organisatiounen a Bauerevertriedungen, hu mir eis géint déi aktuell Agrarindustrie a -politik ausgeschwat. **Et gëtt héich Zäit fir eng ökologesch, klima- a sozial gerecht Landwirtschaft, déi d'Wuel vu Mënsch an Déier an de Mëttelpunkt stellt an eng gutt a gesond Ernährung fir jiddereen erméiglecht.**

Wat muss sech an den Aen vu move. änneren?

Mëttlerweil war et déi véierte Kéier, datt move. op Berlin gefuer ass fir sech dëser Demo unzeschléissen. Ma net nëmmen an Däitschland ass d'Transitioun hin zu enger nohalteger Landwirtschaft vill ze lues an onambitionéiert. Och hei zu Lëtzebuerg ass nach vill Loft no uewen. Mir wënschen eis, datt och d'Stëmm vun eis Jonken, déi an de leschte Joren ëmmer nees fir eng liebenswäert Zukunft op d'Strooss gaange sinn, gehéiert gëtt.

Hei ënnendrënner fannt Dir eis Positiounen, déi mir am Kader vun der Wir-haben-es-satt-Demo ausgeschafft hunn an déi hoffentlech um Agrarsommet zu Senneng op oppen Ouere stoussen.

- **Mam neien Agrargesetz eis Landwirtschaft méi nohalteg maachen:** Mir brauchen en Agrargesetz, dat sécher stellt datt déi héich Subventiounen aus der Europäescher Gemeinsamer Agrarpolitik (GAP) hei zu Lëtzebuerg ganz am Sënn vun eise Klimaziler stinn, de Schutz vun eiser Biodiversitéit an eise Gewässer garantéieren an zousätzlech eng Perspektiv fir d'Bauern duerstellen.
- **De Bioaktionsplang anhalen:** Zil vum PAN Bio ass et, den Undeel vun de biologesch bewirtschaftete Flächen zu Lëtzebuerg bis 2025 op 20% eropzesetzen. Bis 2050 wëll déi lëtzebuergesch Regierung op 100% Bio kommen. Aktuell si mir bei net méi wéi ronn 5%. Dat muss sech änneren! D'Bauerebetriber musse bei dëser Transitioun ënnerstëtzt ginn.
- **Méi bio, lokal, vegan a vegetaresch an de Schoulkantinnen:** Fir dës Ziler vum Bioaktionsplang ze erreechen, mussen et genuch Plaze ginn, wou Produiten aus biologescher Produktioun verschafft a verkaf kënne ginn. Restopolis kann do mat guddem Beispill fir d'Schoulkantinne virgoen. Fir de Klima ass et wichteg, net nëmme méi bio a regional ze kachen, mee och manner Fleesch. Zu Lëtzebuerg

consommiere mir méi ewéi dat Duebelt vun der Quantitéit Fleesch pro Dag, wéi dat, wat aus Gesondheetssiicht recommandéiert gëtt.¹

- **Liewensmëttelverschwendung stoppen:** 3,3 Gigatonnen Zäregase ginn all Joer vu verschwente Liewensmëttel fräigesat. D'Regierung huet sech als Zil gesat fir d'Liewensmëttelverschwendung bis 2030 ëm d'Hallschent ze reduzéieren. Initiative wéi den Onperfekt-Buttek mussen ënnerstëtzt a gefërdert ginn, fir dëst Zil och anhalen ze kënnen.
- **Reduzéierung vum Véibestand:** Bauerebetriber sinn e wichtegen Deel vun der Léisung vun der Klima- a vun der Biodiversitéitskris. Dozou gehéiert och, datt d'Unzuel vun de Béischten nees deem entsprécht, wat eise Buedem an de Klima packt an d'Gesondheet vun den Déieren net gefäerdet.

¹ [LIST \(2022\): "DEKARBONISEIERUNG: dee richtege Wee! Eisen CO2-Fousofdruck zu Lëtzebuerg verstoen a reduzéieren"](#)